

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den 30. Abrëll huet an der Stad op der Paräisser Plaz eng Maniff stattfonnt, déi de Lëtzebuenger Biergerkollektiv den 8. Abrëll ënnert dem Titel "Pour le libre choix médical", mat engem Cortège vun der Gare op d'Plëss bei der Gemeng Lëtzebuerg ugemellt hat. An engem Bréif vum 22. Abrëll gouf hinnen awer matgedeelt, datt si hir Maniff "statesch op d'Paräisser Plaz" misste begrenzen a sech fir weider Detailer un déi Groussherzoglech Police sollten adresséieren. Den Dag selwer waren no Ausso vu Leit, déi selwer op der Maniff waren, circa eng hallef Dose Polizisten, ouni Spezialausrüstung op der Plaz, sou, datt am Virfeld wuel kaum en erhéichte Sécherheetsrisiko ugeholl ginn ass.


An deem Sënn géife mir dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Ofsprooche gouf et am Virfeld vun dëser Manifestatioun tëschent dem Policeminister an de Responsabele vun der Stad Lëtzebuerg?
- 2) Zu wéi enger Sécherheetsaschätzung koum déi Groussherzoglech Police am Virfeld vun dëser Demonstratioun a wéi eng Asazuerderen huet den Här Minister op där Basis verfaasst? Kann den Här Minister der Chamber déi entspriechend Dokumenter zoukomme loossen? Falls net, firwat net?
- 3) Et ass kee Geheimnis, datt bei dëser Demonstratioun e politescht Uleies sollt virbruecht ginn, dat weder der Opfaassung vun de Stater Schäfferots- nach de Regierungsparteien entsprécht. Wéi wäit hu politesch Interessen eng Roll gespillt, fir dës Manifestatioun op enger bestëmmter Plaz um Bord vum Zentrum festzesetzen, während aner Maniffe fräi konnte stattfannen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Roy Reding
Deputéierten



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6176 vum 10. Mee 2022 vun den honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser an Roy Reding

Ad 1):

De Policeminister gëtt de gesetzelche Kader fir datt d'Police kann handelen, hien ass allerdéngs net an di operationnel an alldeeglech Polizeiarbecht agebonnen. D'Präparatiounsaarbecht am Virfeld vun enger Manifestatioun fällt an den Aufgabebereich vun der Police, zesumme mam Buergermeeschter vun der betreffener Gemeng.

Ad 2)

D'Police verfüügt iwwert en Service d'évaluation du risque, dee kontinuéierlech déi allgemeng Bedrohungslag am Zesammenhang mat spezifesche Policedispositiver (Schutz vun auslännesche Verriedungen, offiziell Visite vu Staatsgäscht, gréisser Manifestatiounen, asw.) analyséiert. Bei där Manifestatioun em déi et sech an dëser parlamentarescher Fro dréit, ass och esou eng Risikoanalyse gemaach ginn.

Den Dag vun der Manifestatioun „Pour le libre choix médical“ war eng weider Manifestatioun géint de Krich an der Ukrain an der Uewerstad virgesin. D'Madamm Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet als Autorité de décision, no Ofsprooch mat der Police, déi 2 Manifestatiounen autoriséiert, ënert der Konditioun, dass se statesch an op sécherem Ofstand vunenee stattfannen, aus Grënn vun der öffentlecher Sécherheet.

D'Police huet béi deenen 2 Manifestatiounen duerfir gesuergt, dass alles am legale Kader vun den Autorisatiounen ofleeft an dass d'Sécherheet vun de Bierger an d'öffentlech Uerdnung garantéiert bleiwen.

Wéi schon ënnert Ad 1) erkläert intervenéiert den Policeminsiter net an déi alldeeglech Policearbecht.

Ad 3)

D'Manifestatiounsrecht ka net op Grond vu politeschen Interessen ageschränkt ginn. Esou Aschränkunge, si nemme méiglech wann d'öffentlech Sécherheet, notamment d'Sécherheet vun de Manifestanten an déi vun den anere Bierger, net garantéiert ka ginn.

Lëtzebuerg, den 08. Juni 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX